ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 24. August 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mobilitéitsminister weiderzeleeden.

Scho säit geraumer Zäit ginn et am Kanton Cliärref massiv Schwieregkeete mam Schwéierlaaschtverkéier. Camionen aus ganz Europa viséieren d'Industriezon vu Lenzweiler un an dobäi erginn sich konkret déi folgend Problemer:

Quasi all déi Camionschaufferen, déi net kënneg an der Regioun sinn, fuere strikt hirem Navi no a beuechten an der Reegel net déi sëllegen Hiweisschëlder, wéi si am einfachsten d'Lenzweiler Industriezon erreechen. D'Camione kommen dobäi entweder aus dem Süden iwwert Maarnech an Hengescht gefuer oder awer iwwert Ëlwen.

Kommen d'Camione vun Ëlwen, sollen si idealerweis – a sou wéi d'Hiweisschëlder et virginn – folgendermoosse fueren:

- Ëlwen – Éimeschbaach – Antoniushaff – Lenzweiler

Den Navigatiounssystem leet si awer folgendermoossen:

- Ëlwen – Aasselbuer – Boxer

Kommen d'Camione vum Süden iwwert Maarnech an Hengescht, sollen si idealerweis – a sou wéi d'Hiweisschëlder et virginn – folgendermoosse fueren:

- Maarnech – Hengescht – Rossmillen – Maulesmillen – Cliärref – Lenzweiler

Den Navigatiounssystem leet si awer anescht, nämlech an deenen zwou folgende Varianten:

- **entweder**: Maarnech – Hengescht – Rossmillen - Maulesmillen – Saassel – Boxerbréck – Boxer – Lenzweiler
- **oder**: Maarnech – Hengescht – Rossmillen – Maulesmillen – Boxer (hei ass eng ganz enk a geféierlech 180-Grad-Kéier, wou d'Camionen an der Reegel hänke bleiwen, respektiv, d'Leitplanke beschiedegen) - Lenzweiler

Fueren d'Camionen dem Navigatiounssystem no, erginn sech massiv Problemer:

- D'Camionschauffere setzen sech an dem Verkéier duerch ganz enk Kéieren enger grousser Gefor aus an et ass mir scho vu ville Säiten zougedroe ginn, datt et just eng Fro vun der Zäit ass, bis et eng Kéier zu engem Accident kënnt. Déi genannte Stroossen si fir déi massiv Belaaschtung duerch Schwéierlaaschttransport einfach net ausgeluecht.
- De Camionschauffer huet duerch dës Streck e groussen Zäitverloscht; d'Streck vum Navi ass zwar méi kuerz, dauert awer méi laang. De Verschläiss um Camion ass definitiv och méi héich.
- D'Duerfliewen – besonnesch a klengen Dierfer, ewéi Boxer an Aasselbuer – ass duerch dee permanente Camionstrafic massiv gestéiert. D'Awunner, besonnesch Kanner, sinn duerch de Schwéierlaaschttransport enger permanenter Gefor ausgesat an och déi onnéideg Belaaschtung duerch de Kaméidi ass héich.

All dëst wär net néideg, wann een z.B. bedenkt, datt Cliärref deem Problem ganz aus dem Wee gaangen ass, andeems si Camionsverbuetsschëlder opgestallt hunn. Géif een dëst och op de genannte Strecke maachen, géifen d'Camionschauffere vill Zäit spueren a geféierlech Situatiounen evitéieren an och d'Leit an den Dierfer géifen, wat d'Sécherheet an d'Liewensqualitéit ugeet, massiv vun esou enger Léisung profitéieren.

An deem Kontext géif ech dem Här Mobilitéitsminister gär dës Froe stellen:

1. Ass den Här Mobilitéitsminister net och der Meenung, datt déi genannte Strecken elo **dréngend** fir de Schwéierlaaschtverkéier misste gespaart ginn?
2. Wa jo, a wéi engem zäitleche Kader kënnen d'Leit domat rechnen, datt déi genannte Strecke fir de Schwéierlaaschtverkéier gespaart ginn, esou datt si doduerch erëm an der néideger Sécherheet a mat der néideger Liewensqualitéit liewe kënnen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742